mouvement écologique

move.

Fir d'Begleedung vum aktive Jugendgrupp move.,
d'Ënnerstëtzung vu Jonke bei hire Projeten an d'Aktivitéiten
an de Schoule sichen de Mouvement Ecologique a move.

# E/ENG RESPONSABEL FIR AKTIVITÉITEN A PROJETEN MAT JONKEN A FIR JONKER - CDI

## Wat Iech erwaart:

- Aarbecht am direkte Kontakt mat engagéierte Jonken am Alter vu 14-26 Joer
- Organisatioun vun der Jugendaarbecht vum Mouvement Ecologique
- Konzeptioun an Duerchféierung vu Projeten an Eventer
- Virbereedung a Moderatioun vu Versammlungen, Diskussiounsronnen a Workshops

## Dir bréngt mat:

- Loscht mat jonke Leit ze schaffen a Bildungsaarbecht fir eng nohalteg Entwécklung ze maachen. Eng Formatioun am pädagogesche Beräich ass e Virdeel (Diplom am sozio-pädagogesche Beräich)
- Interessi u gesellschaftlechen Themen an der nohalteger Entwécklung
- Kompetenze fir gruppendynamesch Prozesser, och opgrond vun Ärer Erfarung, gutt ze animéieren a Jonker ze motivéieren
- Eegestännegkeet, Asazbereetschaft a Verantwortungsbewosstsin
- Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch (an Englesch) als Sproochkompetenzen (mëndlech a schréftlech)

## Wat mir bidden:

- E motivéiert an engagéiert Ëmfeld mat vill Raum fir Eegeninitiativ
- Eng flexibel Aarbechtszäitreegelung vun 32 bis 40 Wochestonnen.

***Dir sidd interesséiert? Da gitt Är Kandidatur era bis den 21. Dezember 2024 un***

*Mouvement Ecologique asbl - 6, rue Vauban - L-2663 Luxembourg*
*oder per E-mail un: meco@oeko.lu*